Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

# Bilschdref

Bilsdorf
Relais et Terrain de l'Amitié
National Guide and Scout Center










***Invitatioun op eis 50. Guide/Scoutskiermes***

## ***Donneschdes, den 18. Mee 2023,***

***op Christi Himmelfaart.***

KOMM
KUCK
KLICK
KORBEILLE

***Programm :***

**10.00 bis 16.00 Auer – Fotorallye -**

**Huelt deel un eisem flotte „Fotorallye“ duerch Bilschdref, eleng, zu zwee oder als Grupp. Ënnerwee erwaarden Iech :**

- **eng spirituell Aktivitéit zum Thema „Mäin, däin, eist Bild vu Gott“**
- **„Fotospueren“, déi dir musst fannen a mat e bësse Gléck gewannt Dir eng Corbeille mat ville gudde Saachen aus der Regioun.**
- **eng Erfrëschung an e klenge Maufel**

**12.00 bis 14.00 Auer – Kiermesmenü -**

- **Ham mat Fritten an Zalot**
- **Taart a Kaffi**

**oder**

- **Hamburger / Veggieburger mat Fritten an Zalot**
- **Taart a Kaffi**

**Präis : 25.00 Euro ( Kanner 15.00 Euro )**

## Umeldung fir d'Menüen:

**E-Mail : bilsdorf@asbl.lgs.lu**
**GSM 621 290 124**
**bis spéitstens den 13. Mee 2023.**

**De Präis vum Kiermesmenü kënnt Dir op eise Kont LGS Asbl - Comité Bilsdorf - Bic : BCEELULL – Iban : LU37 0019 5355 6225 8000 iwwerweisen, mam Vermierk “ Menü HFZ oder Menü HBGR/VBGR „**

**12.00 bis 17.00 Auer**

- **Grillwurschten / Hamburger / Veggieburger/ Fritten**
- **Taart / Kaffi / Gedrénks**

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

# Bilschdref

Bilsdorf
Relais et Terrain de l'Amitié
National Guide and Scout Center

## AGENDA 2023

**07.- 09.07.2023**

**Studentefloumaart an der Géisserei**

- Du gees am Hierscht (fir d'éischt oder nees zréck) op d'Uni?
- Du wëlls Deng Studentebud flott anzeriichten, mä Du bass net mam goldene Läffel am Mond op d'Welt komm an Du muss Dir Deng Studentebourse gutt andeelen?
- Als Guide oder Scout fënns Du, dass mir an eiser Konsumgesellschaft vill zevill ewechgeheien am Plaz de Saachen eng zweet Chance ze ginn?

**Am Sënn vun der Nohaltegkeet proposéiere mir dir: Fuer net direkt bis hannert d'Grenz, mä komm fir d'éischt bei RECIKLEA laanscht. Dat ass e Pop-up-Second-Hand-Shop, exklusiv fir Studentinnen a Studenten.**



- **Wou?** An der **Géisserei,** 5 Rue Munchen-Tesch, L-2173 Luxembourg
- **Wéini?** **vum 7. bis den 9. Juli 2023**, vun 13.30 bis 19.00 Auer
- **Wat fënnt een do?** Glieser, Telleren, Tasen, Kichegeschier, Textilien, Deko, Häerz wat begiers de, a vill aner praktesch Saachen fir an Deng Studentebud



**14.-15.10.2023**

**Hierschtfloumaart am „Relais de l'Amitié"**

**Organisatioun : LGS Asbl – Comité BIlsdorf an Zesummenaarbecht mat den : Amis du Guidisme Beetebuerg & Fréieren Guiden Schëffleng**

## Donen

**Där kënnt eis och mat engem Don, dee vun de Steieren ofsetzbar ass ënnerstëtzen.**
**Lëtzebuerger Guiden a Scouten Asbl - Comité Bilsdorf**
**BCEELULL - IBAN LU37 0019 5355 6225 8000**
**Kommunikatioun : „Don Relais de l'Amitié"**
**MERCI !**